13.7.98

Diddeléng 1910 – 1912

An onser leschter Sendung "D ä schw. Z" hate mir virun erzielt wé duerch d'Exploitatioun vun der Minett, d'Entstoen an de ~~..~~ weideren Ausbau vun der Schmelz och hapsächlech Diddeleng sech weider vergréissert huet. Vill auslännesch Arbechter, virunallem Italiener sin op Diddeleng an d'Galerien an op d'Schmelz schaffe kom. Mä och Problemer mat fatalen Conséquenzen sin fir d'Awunner entstanen. D'Gewunnechten vun dése verschidden Natiounen waren anescht. Wunnengen hu gefeelt, trotzdeem an der Lachergaass, am Brill am Quartier Italien, ~~gebaut~~ an der Tuste ~~gebau~~ vun der Schmelzer Gesellschaf gebaut gin ass. D'hygienesch Verhältnisse waren net optimal. Kleppereien oft mat Doodesfolgen sin entstanen. Akzidenter an de Galerien an op der Schmelz waren um Ordre du jour. Krankheeten gouwen importéert an hu vill Lohn an Arbechtsausfall provozéiert. Och eng déckt Regessioun ~~a~~ Ufangs 1900 ~~...~~ zitt schlécht Conséquenzen mat sech. Friem Arbechter gin erem hém, Geschäftsleit dé net mé mat dën Enner zesumme kommen wanderen no Amerika aus.

De 24. Juli 1907 d'Chamber, den 31 Juli de Conseil d'Etat an den 4 August 1907 ennerschreiwt de Grand Duc Guillaume d'Gesetz dass d'Uertschaften ~~d'Stied~~ Deffrdang, Diddelg, Ettelbréck a Remeleng d'Qualificatioun "Stad" zougesprach kréen. Den 2 August 1908 feiert Diddeleng séng Stadaweihung. D'Vierfeier war Samschdes den 1. August an d'Haapfeier Sonndes den 2ten August. An Détailler vun desen grouss opgezunnen Festlechkeeten a Programme anzegoen ass net den Objektif vun dése Sendungen. Mä mir wellen awer d'Situatioun vun der Diddelenger Populatioun beliichten.

An Joer 1904 huet Diddelg ~~7.704~~ 8.783 Awunner.

~~An dem Joer~~ Zuch Joer mé spéid 1906 10.425.-

Dunn fällt am Joer drop 1907 Zuel erem erof op 9.704.-

An ~~1908~~ den 1. Jan. 1908 erem op 10.889.-

Vun den Auslänner sin d'Italiener am gréiste vertueden a kommen zeitweileg bal op 40% vun der Awunnerzuel.
Nokinnen dann déi Deitsch. Mat Abstand d'Franzosen an d'Belsch.
An a klingen Zuelen: Östreicher, Schweizer, Russen an Holländer.
D'Kleppereien stinn mech ëmmer um Ordre du jour an dofir zitéiere mir och hei nach 3 Fäll aus dem Joer 1908.
Den 1. Januar feieren zorka 20 Italiener beim Algrezzo Neijohrsdag. Heuterlech entsteet Streit an den Algrezzo gett vun engem Landsmann mat engem Dolsch séier schwéier verletzt. Den Dokter ~~wor~~ natierlech ~~séier~~ schnell op der Plaz mei den Algrezzo war a Liewensgefohr.
De selwechten Dag gett an der Fretzen-Henry-Kasären ~~och~~ de Wirt vun engem italieneschen Kaschtgänger mam Messer liewensgefäerlech gestach. Den Täter gett verhafft an den Untersuchungsrichter hëlt den Tatbestand op.
Den 16ten Januar verhafft Deddl. Gendarmerie 3 deitsch Schmelzarbechter déi sech gegenseiteg zerschloen hun, nodeem verschidden Italiener sech ageméscht haten vir ~~se~~ auserneen ze huelen.
Ech wees net op et nëmme Legend ass mä den deemolege Paschtouer soll Sonndes um Priedeckstull gepriedegt hun dass wann d'Leit owes um 10 Auer am Bett géinge leien géifen se net um 11 Auer an Italien ersteech gin.
Et war selwer net vu Muttwëll dass ~~wann~~ Diddeleng ~~e Friddens~~ deemols schon e Friddens-geriicht hat an den 13ten Januar 1908 de Buergermeeschter Metz vun Esch och ~~gären~~ esou e Geriicht op Esch gäre ~~gär~~ gehat hätt.
Als Beweis dass d'Arbechter déi Zeit keng oder ~~a~~ schlecht Sozial Ofsécherungen oder Assurance haten zitéiere mir hei e Beschloss vun der Schmelzen Direktioun vum 2 Juli 1908. : 7 langjähreg invaliden Arbechter kréien eng Joers Pensioun vun 300 Mark zougesprach. Bei dësen 7 ass en Arbechter dén 5 Kanner huet wovunner dat Elst knapp 15 Joer al ass. Dofir kritt hien dann och hei aus dr

eng ~~Ern~~ zousätzlech Ennerstëtzung bis seng Kanner sël genuch sin fir hire Papp kennen ze ennerhalen.

Och d'Kanner vun desen Arbechter ~~waren~~ hun nët op Rose ~~geb~~ geschlof. Oft ~~waren 10 bis 12~~ hat eng Famill 10 bis 12 Kanner a si sin vir all Méglech Arbechten ugespaant gin. Esou huet Mëtten d'Zopp mussen dem Papp op d'Schmelz gedroe gin. Um de Fërs dick geneelte Schung an d'Gezei vun dém më älstem Brudder oder Schwester. D'Schmelzer Hären hun natierlech och des Situatiounen gesin an Em 1907 gouw, an der Vollekskichen, 200 Kanner all Muerges de Kaffi offréiert. Wann d'Schoul aus war an d'Hausaufgabe hätte misse gemaach gin, dann huet et nir d'éinzt emol geheescht fir d'Kanengercher ~~?~~rande goen. Natierlech sin och Diddelenger Kanner, mëschtens vun Beamten an de Kolléch gangen. De Beweis ass, dass schon 1908 fir d'Stadaweihung de Student club „Dudelangia" gegrënnt gouw. Mä wat waren eng Doze Studenten bei më wé 1100 Schoulkanner.

Dé zeit hun an den Diddelenger Gellerien 700 bis 800 Arbechter all Dag 11 Stonnen geschafft. An desen ~~7~~ 11 Stonnen sin am Schnëtt 7 bis 8 Tonnen Minett gelueden gin an dofir krut de Biergman ~~ca~~ zirka 7 Frang. E Puer geneelte Schung hun och 7 Frang kascht. Mat desen 7 Frang pro Dag huet de Gellerie-Man dann och nach dé gebrauchten Dynamit fir ze sprengen selwer misse bezuelen genau wé och d'Holz fir ofzesteifen. Ass dann zevill um Holz gespuert gin ass et zu Zesummebrech oder Astiarz kom, mat oft fatalen Suiten wé Bé'Préch, Amputatiounen oder esouguer Doudesfäll. Wien sech leierisver më genau Informatiounen huele wëllt soll bis bei d'Bierg-arbechter Denkmal bei der Lé'pächen zou Kéil fueren; lei sin erschréckend Zuelen festgehalen.

D'Zeite sin wé gesot nët rósech an d'Schmelz versicht mat allerhand Mëttelen dé wéneg Paien opgebesseren. Esou huet sie eng ége Molkerei opgericht an dé liwert ~~dann zu hirem Gestehungspreis~~ pasteuriséiert Mellech un d'Kanner an un dé Krank vum Personal ~~an~~ zu hirem Gestehungspreis. Butter, Késs an aner Mëllechprodukter

gen un de Schmelzer Ökonomat, d'Kantinnen an de Casino gelievert.

Op deser Plaz wär et flott wa mir kenten musikalesch mat der Festkantate extra fir d'Stadawerfung ennerbrëchen. Leider existéiert kéng Opzeechnung leiwen oder zu mindeshaus ~~Festkantate~~ Text René Leclère, d'Musek vun A. Schacht war ass ons kéng bekannt. Aus dokumentaresch Grënn mir awer festhalen dass den

Am Plaz kréie mir dann de Marchin ... gespillt

---

Zenter dem August 1907 hat Diddeleng d'Qualifikatioun "Stad", wat jo wé mir elo léieren kun den 1 an 2 August 1908 feierlech agewei gin ass. Mussen enger Populatioun iwert 10 000 Awunner waren awer d'Strossen an d'allgemeng Infrastruktur nach weit ewech vun enger Stad.

Diddelenger Bach kënnt duerch de schwarze Wé erof, léft laanscht den lénken Heiser vun der Middelschgaas ~~weider~~, ~~net~~ ~~gedéckt~~ natierlech an laanscht rue Jean Wolter, weider, bis bei Linnen net gedéckt, dann ennert der Stross beim Hasen Eck erduerch, Brieniger Stross erof op Breng.

De 26ten Februar 1910 kënnt d'Iwwerraschung. Am Nomëttech trëtt d'Bach iwert seng Uferen a léft an d'Middelschgaas eran. D'Middelschgaas ass zesen deemols schon d'Haptstross, ~~an~~ wo dé meeschte Verkéier duerch kënnt. A kierzester Zeit steet d'Wasser en halwe Meter héich. Et kënnt also ké mé duerch Middelschgaas an d'Gemengeverwaltung mecht en Appell un de Spediteur Think dén da mat senge Pérd an e Postwon d'Navette tescht dem Haus Milles (haut Bank Général) an dem Hotel Hoffmann bei der Gare mecht. Vun den Hausdieren bis un d'Strock wo d'Postkutsch haalt fiert hun d'Hausbesëtzer eng Passerell, also eng Madrill op Stëng geluecht, woriwwer sie dréchent Fues an d'Postkutsch ~~kommen~~ klammen. Op Postkaarten goufen dës Zeene festgehalen an gesäit én d'Schoulkanner mat freudleche Gesichter desem Metalldéj lochen nokucken. Et bleiwt nach bei deser 1ter Iwwerschwemmung neé, esobal et vill reent oder en déckt Donnerwieder ass, steet d'Middelschgaas ennert Wasser.

D'Brieniger Stross ass och an engem lamentablen Zoustand. Hei steet no bei der Gare Joer aus Joeran e grousse Pull. Et ass ké Kullang do fir dass d'Wasser kann oflafen a well och ké Pissoir weit a breed ass, méinge Leit dofir wär dé Pull do

Well natierlech vill mé Post op d'Schweiz a vun der Schweiz fort geet, ~~gett~~ wé vun den Brenner vun Diddeleng gett an der Schweiz selwer en Post=Büro Auxiliaire agericht. D'Postverwaltung stellt d'Beamten an Gesellschaft bezielt hir Päien. E Postcommis mécht den Telegraphendingscht a verkeeft Timbreren, wärend e Facteur d'Bréif asammelt, ofstemmelt, verschéckt an déi ukommen verdeelt. Dese Büro Auxiliär bleiwt bis 1921 bestoen. D'Schweiz hat also deemols schon eng Gare (Gare Usine) an eng Post wou hat als offizcellen Num: Anonyme Gesellschaft der Hochöfen von Düdelingen.
Mir haten hei schon vun den usteckende Krankheeten geschwat an dass eng Isoléierstatioun mat 17 Better beim Neie Spidol opgericht gi war. 1910 ~~st~~ ~~stf~~ mécht d'Schweiz en Don vun 10.000 Frang als Beitrag fir e Sanatorium fir Tuberkulos zou Diddeleng ze bauen. ~~Des Krankheet~~ D'Tuberkulose war di Zeit eng gefurchten, ~~...~~ ustéchend Krankheet, wougéint et wéineg efficace Medikamenter gouw, an nemmen Ro', gud Ernährung a fresch Loft ~~no~~ während lange Méint de Patient konnt retten.
Well emmer mé Leit op Diddeleng kom sin, forcément och mé Kanner hun och emmer mim mé Schoulsäll gebaut an agericht gin. A schons 1910 gett zou Diddeleng verlangt, dass och Hellefsklassen fir manner begabte Kanner geschafe solle gin. Hei huet deemols ouner Zweifel d'Sprooch eng grouss Roll gespielt, ~~well~~ All dei italieneschen Familljen mat 7, 8 a mé Kanner sin bal all am Quartier Italien gewunnd ~~hun~~, an eso hun all des Kanner nie geléiert Letzebuergesch schwätzen bis sie eben an d'Schoul kummen an dat, direkt an d'1. Schoulfoer well d'Spielschoul net obligatoresch war. Zudeem hun des Italiener och emol guer net Italienesch geschwat, mä hire Patoï eben aus hirer Gegend. Wann én dann och nach bedenkt dass deemols 80 bis 90 Schüler an enger Schoulklass waren, kann é sech lécht virstellen dass dei italienesch oder ungaresch oder belsch a fransésch Bonzelen allerhand Schwierigkeeten haten fir mat zekommen. ~~Dar~~ Och doheem war keen ~~wo~~ deen hinnen allzevill konnt hällefen.
Em des Zeit ass och d'Waldschoul an der Lé entstanen wou de Schoulunterriht ass am freie gehalen gin. Dest awer virun allem ~~zu~~ fir de Gesondheetszoustand vun de Kanner

ze verbesseren.

Loosst mer hei och nach feststellen dass Enn 1910 Ufangs 1911 zou Déddeleng 137 Caféen waren. Wann ees Informatiounen richteg sinn war dest der jee erreechten héchsten Quel vun Wirtshaiser an eiser Stad.

D' Waasserversuergung vun der Stad war vill gréilang e Problem. Zwar hat d' Schmelz scho fréi ugefaange mat Waasserleitungen ze léen awer dest war eng Dreps op e waarme Steen. ~~Et Déddeleng~~ D'Stad Déddeleng as jo aus Quartiéren entstanen déi des later ufangs méi oder wéneger e landwirtschaftleche Karakter. Dofir as och dat nodwendeg Waasser aus ~~Pet~~ gebauten Petzen geholl ginn. Mat manner wéi 12 deser Petzen ~~hun~~ bestanen. 2 of Tattebierg – 1 an Oberitalien, an der Brunnenstross, an de Wuermeringer – Deich – Kreiz – Handels a Sufflegerstrooss. Op Buchebierg an zou Brideng. Well des Petzen bal all an engem méi oder wenegem schlechtem Zoustand waren ~~bo~~ beschléisst Gemengeverwaltung 1911 des oeffentlech Petzer zouzemachen. A schon am Hierscht vum selwechten Joer entsteet duerch weneg Rén ~~entsteet~~ e grousse Waassermangel. Aus dem Waasserbehälter um Leitzebierg koumen nach knapps 35 $m^3$ pro Stonn, wärend an normale Méint emmerhin 350 $m^3$ pro Dag koumen Doerobber hin beschléisst Gemengeverwaltung e weidere Waasserbehälter ~~op d~~ vun 1000 $m^3$ op der Deich ze bauen.

Den 3ten Oktober 1911 as dann dem Datum vun der Grëndung vun der ARBED. also Aciéries Réunies de Burbach – Eich – Dudelange.

D' Société Anonyme des Hauts Fourneaux et Forges de Dudelange schléckt d'S. A des Mines du Luxembourg et des Forges de Sarrebruck an d' Société en commandite des Forges d' Eich Le Gallais, Metz et Cie.

Den Haptiniator war den Emile Mayrisch déen dann och den éischten technischen Generaldirekter gët; an de Sëtz vun der Gesellschaft as zou Déddeleng.

21 Héichiewen, 3 Elektroiewen, 2 Stollwierker a verschidde Walzstrossen waren hire Besëtz ~~vun~~ Fir haut fir haut. Den nächste Méinden geet et weider.